

Petitioun 1584, eragerecht vum Sabine a Serge Tonnar-Stoltz den 1. Mee 2020

Titel:

Ons nei Heemecht

Besser liewen zu Lëtzebuerg

Zil vun der Petitioun:

D'Signatairë vun dëser Petitioun wëllen, dass Liewensqualität, Solidaritéit, Gesondheet an Nohaltegkeet zu dauerhafte Prioritéite fir dat politesch Handeln zu Lëtzebuerg erkläert ginn. Si wëlle Verännerungen a si bereet eng responsabel Liewensweis unzehuelen, fir e bessert Liewen haut a fir déi nächst Generatiounen ze garantéieren. Si wëllen dass déi zéng Prinzippien vun dëser Petitioun vun alle politeschen Acteuren ugeholl ginn an, no enger breeder demokratescher Consultatioun, zu Moosnamen a Mechanisme féieren, fir se an der Praxis ëmzesetzen. Si wëlle schlussendlech, dass des Prinzippien an engem Pakt tëscht dem Staat an der Zivilgesellschaft festgehale ginn.

Mat dëser Petitioun wëllen d'Signatairen, dass déi heiten zéng Grondprinzipien unerkannt ginn:

1. **eng gerecht a mënschlech Bildung** : Chancëgläichheet fir all Kanner ass dat iewescht Zil vum Bildungssystem ; dat individuell Potential vun de Kanner gëtt erfuerscht, kultivéiert a valoriséiert ; d'Sprooch ass kee Facteur méi vun der Ausgrenzung ; d'Konzepter vu Leeschtung a Kompetitivitéit maache Plaz fir Ethik, Kreativitéit, kierperlecht Wuelbefannen an dem Erléiere vum Respekt virun der Natur ;
2. **eng fair a flexibel Aarbechtswelt** : d'Beruffer déi wesentlech si fir de gudden Fonctionnement vun der Gesellschaft, besonnesch déi aus dem Gesondheetssecteur, gi valoriséiert ; d'Salairë si gerecht; Teletravail a flexibel Aarbechtsstonne gi gefërdert ;
3. **de Mënsch virun der Wirtschaft** : all d'Acteuren aus der Ekonomie respektéieren d'Gesondheet an d'Wuelbefanne vum Eenzen an ënnerstëtzen déi nohalteg Entwécklung an engem altruistesche Geescht ; de Finanzsecteur ass transparent a solidaresch a setzt sech a fir nohalteg Investissementer ze fërderen ; d'Politik gëtt no der Liewensqualität vun den Awunner bewäert ;
4. **e Recht op Wunraum** : d'Wunnen zu Lëtzebuerg gëtt bezuelbar ; Immobiliëspekulatioun gëtt sanktionéiert ; nei Modeller vum zesummeliewe ginn agefouert ;
5. **eng responsabel Mobilitéit** : de privaten a berufleche Gebrauch vun individuelle Verkéiersmëttel gëtt der Liewensqualität an der Sécherheet vun allen ënnergeuerdent ; déi schwächste Participantën um Verkéier kréie Virrang ; d'Attraktivitéit vum ëffentlechen Transport gëtt weiderentwéckelt ; d'Schoune vu Ressourcë gëtt zu enger Prioritéit am Tourismus an am Giddertransport ;
6. **eng solidaresch Produktioun a Consommation** : an de Beräicher Ernierung, Handel, Industrie, Landwirtschaft, Bauwiesen an Energie gëtt eng lokal, regional, fair an nohalteg Approche gefërdert ; de Kampf géint d'Verschwendung gëtt intensivéiert, d'Kreeslafwirtschaft gëtt ënnerstëtzt ;
7. **e bessert Zesummeliewen** : et gi Mechanisme geschaaft, fir der Zivilgesellschaft méi Afloss op d'Ausriichtung vun der Regierungspolitik ze ginn ; d'Solidaritéit tëscht de Generatiounen gëtt gestärkt ; déi gedeelten elterlech Verantwortung gëtt gefërdert ; de Frae gëtt an alle Beräicher méi Verantwortung iwwerdroen ; den interkulturellen Dialog gëtt systematesch gefërdert ;
8. **déi regional Kreatioun fërderen** : bei der Ënnerstëtzung vu Konscht a Kultur kréien déi regional Kreateure Virrang ; de Schwéierpunkt läit op den Inhalter an net um Evenementiel ; d'Kultur gëtt méi zougänglech ; déi kulturell Praxisse gi gefërdert, iwwert déi reng Perspektiv vun der Consommation ewech ;
9. **méi kuerz Weeër en de Verwaltungen** : déi administrativ Prozedure gi méi liicht gemaach ; d'Digitaliséierung vun den Demarchë gëtt entwéckelt, besonnesch an de Verwaltungen an an der Justiz ;
10. **international Solidaritéit** : d'Aussepolitik an Europa an an der Welt ass humanistesche, humanitär a pazifistesche; si fërdert de Respekt vun der internationaler Solidaritéit, dem Ökosystem, dem Zesummeliewen, de Mënscherechter an dem Fridden.

Begrënnung vum allgemengen Interessi vun der Petitioun

D'Signatairë vun dëser Petitioun sinn der Meenung, dass et am allgemengen Interessi ass, déi ëffentlech Debatt iwwert d'Grondprinzipien, op deenen all politescht Handele baséiert, nees ze beliewen. Dofir froen si en Engagement vun der Chamber, der Regierung an de Parteien zu den zéng Prinzippien, déi an der Petitioun "Ons nei Heemecht" opgezielt sinn.